LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden an dem Här Familieminister Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro Nummer 1757, vum 10. Januar 2025, vum honorabelen Deputéierten, Här Sven Clement**

*Fro 1. bis 3.*

Déi temporär Aussetzung vun den Analyse vun den Asyldemanden huet sech imposéiert, well et am Moment keng offiziell, objektiv a laangfristeg Informatiounen iwwert d'Sécherheetslag an d'Mënscherechtssituatioun a Syrien gëtt an et duerfir net méiglech ass, Decisiounen ze huelen.

Lëtzebuerg verfollegt d'Entwécklung a Syrien a steet an enkem Kontakt mat den auslänneschen Homologen. Soubal déi néideg Informatiounen disponibel si fir kënnen eng objektiv Analys par Rapport zu de Verfollgungsrisiken vun de syreschen Asyldemandeuren ze maachen, ginn des Asyldemanden traitéiert. E genauen Zäitpunkt ka momentan net genannt ginn. An deem Kontext setzt Lëtzebuerg och op eng europäesch Approche an enker Zesummenaarbecht mat der Europäescher Asylagence (EUAA).

All Asyldemande gëtt zu Lëtzebuerg individuell analyséiert an traitéiert, am Respekt vun der Genfer Konventioun an der europäescher wéi och der Lëtzebuerger Legislatioun, sou dass de Moment keng speziell Moossname geplangt si fir Asyldemanden aus Syrien ze traitéieren. Et gëtt eng Analys gefouert vun de Motiver, déi all Persoun individuell fir sech virbréngt, an et sief an deem Kontext bemierkt, dass deene mëschte Leit hier Motiver ee Lien mam President Assad haten, oder mat der Sécherheetslag am Land ënnert dem President Assad, sou dass au vu vun dem Changement am Land muss gekuckt ginn, ob déi Motiver nach ëmmer aktuell sinn, bezéiungsweis op sech aner Motiver kënnen opdoen.

All Asyldemandeuren aus Syrien hunn déi selwecht Rechter a Pflichte wéi all aner Demandeuren, an och hir Sécherheet gëtt, wéi fir all anereDemandeuren, zu Lëtzebuerg garantéiert.

*Fro 4.*

De Familljeministère an den ONA sinn permanent op der Sich no neien Terrainen a Gebaier fir en adäquaten Accueil vun *Demandeurs de protection internationale* z'assuréieren, dat besonnesch an engem Kader vun engem kontinuéierlechen Afflux vun DPI bei gläichzäiteg enger staarker Auslaaschtung vun de Strukturen vum ONA.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN